N°3649
Entrée le 12.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 12 février 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

*„Wéinst der grousser Nofro aus der Beruffswelt weist de Lycée technique agricole (LTA) e staarkt Interessi drun, zwou nei Ausbildungen unzebidden, déi bis elo just am Ausland méiglech waren. Dobäi handelt et sech ëm d'Formatioun Arboriste-élagueur (fir Beem ze schneiden oder ze demontéieren) a Meneur de chevaux de trait (fir mat Päerd Holz aus dem Bësch ze schleefen). An dëse Beräicher besteet um Terrain eng héich Nofro. Zousätzlech sinn d'Ufuerderungen un dës Beruffer an de leschte Joren däitlech geklommen.*

*Fir dës zwou Formatioune kënnen unzebidden, mussen d'Kandidatinnen a Kandidaten schonn iwwer verschidde Grondkompetenze verfügen, wéi zum Beispill den Ëmgang mat der Motorsee, Planzekenntnisser oder Formekenntnisser. Aus deem Grond wier et sënnvoll, de Schülerinnen a Schüler no engem DAP am grénge Beräich d'Méiglechkeet ze ginn, bannent engem zousätzleche Joer en zweeten DAP-Diplom an enger vun dësen zwou neie Spezialisatioune kënnen ze erhalen.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:*

1. *Sinn dem Ministere scho konkret Detailer zu den Unterrechtspläng bekannt, déi dës nei Formatioune betreffen?*
2. *Ass den Här Minister bereet, dës nei Formatiounen an de Curriculum vum LTA opzehuelen?*
3. *Huet den Här Minister schonn Austausch mat der Direktioun vum LTA gehat, fir dës Thematik ze diskutéieren an d'schoulesch Offer an deem Sënn méi attraktiv ze gestalten?*
4. *Wa jo, wat waren d'Schlussfollgerunge vun dëse Gespréicher, a vu wéini u kéinten dës nei Ausbildungsméiglechkeeten ugebuede ginn?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gilles BAUM
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu